


**Benevolat**



**SOS Détresse**

Mir hëllefen iwwer Telefon an online  
anonym a vertraulech



**Dir hutt Interesse a Freed um Kontakt mat anere Leit,**

kënnt reegelméisseg a verbindlech en Deel vun Ärer Zäit schenken,


**sidd oppen an tolerant,**

hutt Interesse u psychologeschen Themen,

**sidd prett Neies ze léieren,**

an Dir sidd psychesch belaaschtbar...

**...da sidd Dir bei ons richtig!**



**Ons Benevollen** kommen aus alle méigleche Liewensberäicher, ënnerschiddlechem beruflechem a sozialem Ëmfeld. **D'Altersspan** reecht vun ongeféier 25 bis 75 Joer.

## Woufir engagéiere mir eis?

**SOS Détresse engagéiert sech, jidder Mënsch an Nout**, anonym a vertraulech, Hëllef unzbidden. Een Uruff oder eng Mail ze schreiwen ass fir déi meeschte Leit einfach an onkomplizéiert: et braucht ee kee Rendezvous auszemaachen, néierens hin ze goe fir sech hëllef ze loossen, an et ass keen deen engem dobäi nokuckt.

**All Joers kréie mir ongeféier 4300 Uriff a 650 Mailen** vu Leit a schwierege Liewenssituatiounen, deenen hiere Besoin no Klärung, Ënnerstützung an Austausch am tèschemënschleche Gespréich, momentan net erfëllt gëtt. Ons Aufgab besteet doran, als empathesche Gespréichspartner de Beträffenen ze begéinen a si z'ënnerstëtze fir hir ënnerlech Rou, hir


perséinlech Stärkten an nei Perspektive fir hiert Liewen ze fannen.

## Wéi ginn ech op de Benevolat virbereet?

**Onofhängeg dovun ob Dir lech fir d'Berodung um Telefon oder fir d'Mailberodung interesséiert**, gitt Dir während engem Joer op Är Aufgab virbereet: Um Programm sti Selbsterfarung, eege Fäegkeeten a Grenzen erausspieren, awer och d'Léiere vu Gespréichsféierung an d'Vermëttele vu psychologeschem Grondwëssen. No der Grondausbildung gitt Dir vun erfuerene Benevolle Schrëtt fir Schrëtt an Är Aarbecht agefouert. Eng professionell Equipe ënnerstëtzt lech zu all Moment an Ärer Aarbecht.

## Wéi vill Zäit muss ech pro Mount fir meng Tätegkeet bei SOS Détresse rechnen?

Nieft 2-3 Telefonsschichten oder Mailberodungen, ginn et reegelméisseg Supervisiounen (1-2 Mol am Mount) fir d'Qualitéit vun Ärer eegener Aarbecht ze garantéieren, souwéi zousätzlech Weiderbildungen, déi Iech erméiglechen Ären Erfahrungsschatz duerch Wëssen z'ergänzen. Sou gëtt vun onse Benevollen erwaart, dass si sech ongeféier 10-14 Stonnen am Mount fir SOS Détresse engagéiere kënnen.



© Trueffelpix - stock.adobe.com

## Wat ass d'Teamkultur bei SOS Détresse?

SOS Détresse ass gepräagt vun engem staarken Engagement an enger gudder Ambiance.

Ee vertrauenswierdegen a wäertschätzenden Ëmgang a géigesäiteg Ënnerstëtzung gehéiere mat derzou.

## Hu mir Ären Interesse erwächt?

Mir freeën ons op ee Gespréich mat Iech!  
Kontaktéiert ons w.e.g. bei:

**SOS Détresse**  
**B.P. 620, L-2016 Luxembourg**  
oder  
Email: [benevolat@sosdetresse.lu](mailto:benevolat@sosdetresse.lu)

454545.lu